Saulxure – sur – Moselotte an den Vogesen

Eis Sortie op Saulxure – sur – Moselotte an d´ Vogesen wor dëst Joër leider spréchwirdlech an d´ Waasser gefall. Wor et nach zwee Deg virun eiser Sortie schon richtég summerlech mat 25° an Sonn vun Moies bis Owes, esou ass d´Wieder leider komplett ëmgeschloën an mir haten fir dës Kéier fatzégen Reen erwëscht mat Temperaturen ëm déi 5°. Näischt desto Trotz haten sech trotzdeem éng 25 Fëscher vum Flyfishing Club aus Lëtzebuerg an den Vogesen getraff fir zesummen zwee schéiner Deg ze verbréngen an ewei mir op der base de loisir unkomm sin woren schon déi éischten Fëscher angetraff an sutzen beim Kaffi. Nodeems mir eis Schlësselen fir d´Chaletsën ausgehäendegt kritt haten hun mir séier eis Saachen ausgepaackt an schon woren mir am gaangen eis Staangen ze präparéieren fir bei d´Waasser ze goën. Ewell d´Wieder esou schlecht wor haten mir déi meeschten Staangen mat Sinkschnéier équipéiert wat sech awer séier als den falschen Schachzuch erausgestallt huet ewell een schon vun wäitem konnt een Fësch nohm anneren gesin steigen.

Ewei mir bei d´Waasser komm sin hun mir eis eemol direckt mat eisen Kollegen ausgetosch déi schon een Dag éischter ewei mir ungereest woren an Sie woussten eis nëmmen Guddes ze berichten, esou haten Sie um Virdag Alleguer ganz vill

Fësch gefaangen an Sie hun eis och direckt d´Zong laang gemeet mat besonnesch staarken an groussen Fësch déi Sie gefaangen häten. Dun woren mir natirlech net méih ze halen an et sollt net laang daueren dun woren och mir vum Fëschféiwer gepaackt an hun eis Mécken ausgehäit. Fir unzefänken wollten mir et mat der Tchernobyl probéieren ewell mir mat déier Méck dat leschten Joër besonesch vill Fësch gefaangen haten. Et sin awer permanent Fësch gestiegen an dofir huet et net laang gedauert an mir hun et mat Réihhoërsedgen probéiert, dat wor déi Méck déi mir vun eisen Frënn rekommandéiert kritt haten an Sie haten eis gudd beroden ewell och mir hun mat déier Méck ganz gudd gefaangen. Et huet sech och séier gewisen dass dat schlecht Wieder verbonnen mam Temperaturstuurz vun 20° den Fësch awer séier wéineg ausgemeet huet an et konnt een iwwerall ewou een hingekuckt huet zeffriden Fëscher gesin déi am gaangen woren Fësch ze drillen. Et woren dëst Joër formidabel Fësch besat gin déi eis alles ofverlaangt hun an esou huet eis deen villen Reen, deen den ganzen Dag iwwer net éng Kéier nohloossen sollt, och séier wéineg ausgemeet zeemols ewou mir eis dach Alleguer deementspriechend gekleed haten. Ewei mir esou do stuungen ass a bee mol hannert eis den Eddy Zauner laanscht gaangen deen vir säin Deel och den Weë op dësen schéinen Séi fond hat. Den Eddy hat eis jo dëst Joër am Kader vun eisen Bannowender séng Kënschten beim Méckenbannen virgefouert an elo huet Hien eis dann och gewisen dass Hien dodernieft och wees ewei een mat séngen schéinen Mécken Fësch fänken kann. Hien hat eis an éngem kuurzen Gespréich verzielt dass Hien fir d´éischt wëlles gehat hät fir d´Ouverture vun den Flëss op éngen vun den villen kléngen Flëss an den Vogesen ze fëschen mée dass dat awer bedéngt duurch dat villt Waasser dat Flëss duurch den villen Reen gefouert hun, net méiglech gewiescht wär.

Den Jeek wär net den Jeek wann Hien sech net schon am Virfeld eppes Aussergewéihnlesches ausgeduecht hät fir den Grillowend och bei deem villen Reen stattfannen ze loossen, esou wor Hien eegens um Virdag an een Ankafszentrum gefuer fir éng Batsch ze kaafen fir dass mir ob Manst ee bëssen am Dreschenen setzen konnten. Loossen mir et direckt soën, natirlech hat eisen Grillowend net deen Succés ewei wann hien bei schéinem Grillwieder stattfond hät mée mir hun awer dat Beschten draus gemeet an Honger oder Duuscht huet mat Sécherheet keen gelidden. Bedéngt duurch déi niddreg Temperaturen wor den Grillowend natiirlech méih kuurz ausgefall ewei an den Joëren virdrun mée dofir stuungen den zweeten Dag awer schon ganz fréih ganz ausgerouhten Fëscher beim Waasser an den zweeten Dag sin mir dun och vum Reen verschount bliwwen an och eist Grillen Mëttes ass dreschen iwwert d'Bühn gaangen.

d'Fëscher woren fréih aus den Fiederen komm an déi gudd Stëmmung vum Virdag huet sech och den zweeten Dag fortgesat, wor dat éieren schon erëm d'Virfreed op den Grillmëtteg?

Déi Éng hun direckt den Weë bei d'Waasser fond während déi Anner et ee bëssen méih lues ungoën geloos hun an fir d'éischt eemol gudd Kaffi gedronk hun.

Och dëst Joër wor Saulxure onbedéngt éng Rees wert, och wann d'Wieder dës Kéier net ob eiser Säit wor hun mir awer all Ament genoss an och un dës Sortie behalen mir nëmmen déi beschten Erënnerungen an dofir freën mir eis elo schon op deen zweeten Héichpunkt am Joër wann eis nächst Sortie eis op den Lac de la Salamandre op Latilly féiert. Och hei hun mir schon esou munesch schéin Stonn verbruecht, Latilly ass ëmmer erëm op een Neis een Erliewnes an och onbedéngt éng Rees wäert.